



Pressecommuniqué 21.04.2022

## Resultater vun den Épreuves standardisées 2021: D'Ziler vun der Education an der Pandemie goufen erreecht

De Minister fir Education, Kanner a Jugend, Claude Meisch, an den Direkter vum *Luxembourg Centre for Educational Testing* (LUCET), Dr. Antoine Fischbach hunn den 21. Abrëll 2022 op enger Pressekonferenz a Clausen d'Resultater vun den Épreuves standardisées (EpStan) 2021 virgestallt.

“Minimal Chancë fir de Virus a maximal Chancë fir d'Bildung”, dat war d'Zil vum Bildungsministère während der ganzer Pandemie. Och zwee Joer no der Pandemie stelle mer fest, datt et zu Lëtzebuerg net zu enger signifikanter Verschlechterung vun de schoulesche Kompetenze vun de Schüler komm ass. Dat esouwuel am Fondamental ewéi och am Secondaire.

*“Zënter Generatioune stoung eise Bildungssystem viru kenger esou grousser Erausforderung. D'Stabilitéit vun de Resultater ass de kollektive Merite vun allen Acteure vum Lëtzebuurger Bildungssystem, den Enseignanten, den Educateuren, de Schüler an den Elteren. Zesummen hu mer et fäerdegruecht de Presenzunterrecht esou laang wéi méiglech oprechtzerhalen, eng Normalitéit hierzustellen, déi wichteg fir d'Wuelbefanne vun de Kanner a Jonke war, an dauerhaft Bildungsdefiziter ze verhënneren,” huet de Claude Meisch op der Pressekonferenz ënnerstrach.*

### Haapterkenntnisser vun den EpStan 2021

Nodeems d'Resultater vun 2020 gewisen haten, datt de Lëtzebuurger Bildungssystem éischer gutt duerch déi éischt Phas vun der Pandemie komm ass, confirméiert d'Analys vum LUCET vun de Resultater 2021, datt och weiderhi keng generell negativ Tendenz bei de schoulesche Kompetenzwäerter vun de Schüler am Fondamental an am Secondaire ze erkennen ass.

### Grouss Motivatioun a stabel Resultater am Fondamental an am Secondaire

An alle Cycle vun der Grondschoul sinn d'Schüler am Allgemenge gutt zuwee komm. Trotz de sanitäre Mesurë sinn d'Schüler mam Unterrecht en présentiel besser eens ginn ewéi während dem Homeschooling um Ufank vun der Kris. Iwwer all Cycle verdeelt hunn d'Elteren uginn, datt d'Kanner trotz de sanitäre Mesurë grad esou motivéiert waren ewéi virun der Pandemie a Freed un der Schoul haten. Am Géigesaz zu den EpStan 2020 gëtt däitlech, datt d'Grondschüler esouguer däitlech méi motivéiert waren ewéi während dem Distanzunterrecht.

Insgesamt erweisen sech d'Kompetenzwäerter an der Grondschoul no zwee Joer Pandemie als zimmlech stabil. D'Verslechterung vum Héierverstoen am Däitschen, déi d'EpStan 2020 onofhängeg vum sozioekonomeschen Hannergronn gewisen hunn, konnten à première vue erëm opgefaange ginn, dëst duerch d'Ënnerstëtzung vum Léierpersonal an duerch Remediationsoffere wéi ënner anerem d'Summerschool oder Léierangebot op [schouldoheem.lu](http://schouldoheem.lu).

Esou ewéi an der Grondschoul, sinn och am Secondaire d'Kompetenzwäerter bei de Schüler largement stabil bliwwen. Och d'Motivatioun vun de Secondaireeschüler war während de sanitäre Mesuren onverännert: Si war um selwechten Niveau ewéi während dem Distanzunterricht.

Och wa generell keng negativ Tendenz duerch d'Covid-19-Kris bei de Kompetenze vun de Schüler ze erkennen ass, steet eise Bildungssystem nach ëmmer virun deene groussen Erausfuerungen ewéi scho virun der Pandemie. De sozioekonomeschen a sproochlechen Hannergrond am Bezuch op d'schoulesch Resultater vun de Schülerinnen a Schüler spille weiderhin eng entscheidend Roll: De Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend wäert d'Recommandatiounen vum LUCET ëmsetzen a setzt och weiderhi Mesuren en place, wéi z. B. d'Diversifikatioun vun der Schouloffere, fir sozial Gerechtegkeet a fair Bildungschancen ze garantéieren an iwwer dee Wee all Kand a Jonken déi beschtméiglech Zukunftsperspektiven ze bidden.